# D'Zwangsrekrutéierung an der Gemeng Ell

Vun der Onafhängegkeetsfeier iwwer den 2. Weltkrich bis bei den 1. Monument aux Morts

## Lokalgeschichtlech AUSSTELLUNG

**Samschdes, den 9. Mee, an e Sonndeg, den 10. Mee 2015**

**Am Centre culturel Camille Ney zu Ell**

Freides, den 8. Mee, fir Schoulklassen an offiziell Ouverture

De perséinleche Wee vu jiddfer Zwangsrekrutéierten (souwäit en erauszefanne war), Ausbildung, Front (Leningrad, Krim, Russland, Ukraine, Balkan, Italien ...), Lazarett, Prisong, Gefaangeschaft, schrecklecht Tambow, desertéiert, laang Méint a Jore verstoppt

12 Jongen, gebuer an eiser Gemeng, haten hiirt jonkt Liewe misse loossen

Wie ware si? Vu wou koume si? Wat hate si matmaache misssen?
Wien hat Jonge verstoppt? Wou war dat? Wéi ass hinne gedankt ginn?

Mat villen nach onveröffentleche Fotoen, Texter, original Dokumenter, Zeitungsausschnëtter, Bréifer an Affichen iwwer: Onafhängegkeetsfeier 1939 – Krichsufank 1940 – 31. August 1942: Aféierung vun der Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Jongen - onméinschlich Krichszäit – Victory Day (8. Mee 1945) – „Anniversaire de la Libération" (10. September 1945) - éischte Monument aux Morts (10. September 1945) - 1. Groussherzoginsgebuertsdag nom Krich (23. Januar 1946)




Lafend Virféierunge vu Filmer wéi „D'Jongen an der Galerie Hondsbësch", „D'russesch Front" „D'Stopp an der Pafendaller Kierch 1943-1944" *(Lëscht nit definitiv)*. Gespréicher mat Zwangsrekrutéierten, Déserteuren, Leit, déi Jonge verstoppt haten *(souwäit méiglech)*

D'Ausstellung ass déi zwéin Deeg op vun 10.00 bis 12.30 Auer a vun 13.30 bis 18 Auer

Eng Ausstellung organiséiert vun de „Geschichtsfrënn Gemeng Ell Asbl" an Zesummenaarbicht mat der Gemeng Ell, dem „Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement Forcé", der „Fédération des Enrôlés de Force" an hirer lokaler Sektioun „Amicale des Enrôlés de Force Bekerich/Ell/Réiden" a mat der Berodung duerch de Georges Even, Ell

All Dokument aus der Zäit 1939 – 1945 ass lokalgeschichtlech wäertvoll

**Opruff:** D'Organisateure vun der Ausstellung hunn hiirt Bescht gemeet, fir Dokumenter, Fotoen, Géigestänn, Unerkennungen asw. ze fannen, déi ëremginn, wat d'Krichszäit u Leiden, Angscht, mënschlechem Leed an Entbierungen, mä och un Zesummenhalen a géigesäitiger Hëllef bedeit a gefuerdert hat.

Mä si si sécher, datt nach Villes an den Haiser läit, wat d'Bild, dat d'Ausstellung iwwer d'Krichszäit zeechne wëllt, nach e gutt Stéck méi léierräich zeechne géif. Duefir den Appell:

Hutt Dir nach deer geschichtlech ganz wäertvoll „Zäitzeien" doheem, déi nach nit veröffentlicht an archivéiert sinn, da stellt se wannechglift de „Geschichtsfrënn" fir een Ament zur Verfügung, wéinegstens fir eng Kopie dervun ze maachen? Dir kritt se intakt a séier erëm. Elo scho villmools merci. Kontaktpersoune sinn: Romain Gaspar, Kleng-Elchert, Henri Rasqué, Ell, Albert Weis, Rued, Henri Leyder (Tel. 691 59 23 55) an all anere Comités-Mêmber (Romain an Nadine Clesen-Spilman, Carole Furlano-Molling, Ronny Goedert, Dan Muno)




Koulbich, Kleng-Elchert – A wat fir Haiser ware Jonge verstoppt?

Vun Ell a Rued ass festgehal, a watfir Haiser am Krich Jonge verstoppt waren. Vu Koulbich a Kleng-Elchert feelen nach ëmmer dës Informatiounen. Och hei hate Leit ënner grousser Liewesgefor Jongen dem Zougrëff vun den Nazien entzunn. E riskéierten Akt vun Nächsteléift, deen ni vergiess däerf ginn. Wie weess, a watfir Haiser Jonge verstoppt luchen, vlaicht souguer watfir Jongen, deen ass frëndlechst invitéiert, de „Geschichtsfrënn" déi matzedeelen. Dokumenter wéi hei ënnen op der Säit ënnersträichen a beleeën dat. Da kommen och déi Leit, déi allermeescht posthum, mä trotzdeem, zu Éiren, an zwar an der Ausstellung an och am Buch, dat no der Ausstellung erauskomme wäert. Och heifir elo scho villmools merci. Mellt se w.e.g. engem vun den niewendru genannte Comitésmemberen.






